N°2569
Entrée le 04.09.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°2569 vum 4. Juli 2025 vum éierewäerten Députéierten Marc Georgen**

1. **Wéi solle Leit, déi ee verletzten Déier fannen, reagéieren?**

D'Leit déi ee verletzten wëll Déier fannen, sollen am Beschten zu Diddeleng an der Fleegestatioun ( 26 51 39 90 ) uruffen an d'Situatioun beschreiwen. Net all Déier wat an enger Noutlag ass, muss op Diddeleng bruecht ginn. Ëfters kann een och iwwer Telefon eng Hëllef kréie resp. berode gi wat ee ka maachen. Et ass all Kéier eng aner Äntwert a Method wéi ee soll handelen jee nodeem wat fir eng Déierenaart betraff ass, also ob et sech z.B. ëm een accidentéiert Déier, ee jonkt Déier, ee Vull oder ee Mamendéier handelt. Am Zweifel also ëmmer an der Fleegestatioun uruffen. Wa méiglech soll d'Déier dann an eng Këscht oder ee Behälter an der passender Gréisst p.r. zum Déier gesat ginn, fir datt et am Däischteren a roueg ass, an bei Bedarf e bësse Waasser kréien.

Wann dat Déier op Diddeleng bruecht an och agefaang muss ginn, dann sollen d'Leit och op sech selwer oppassen: z.B. entspriechend dem Déier (Mamendéier, grousse Gräifvull, ...) Händschen undoen fir sech selwer ze schützen. Verletzten Déieren, an am speziellen wëll Déieren, kënnen onerwaart reagéieren.

Um Internetsite vum Centre de soins pour la faune sauvage a.s.b.l. stinn all Explikatioune wéi a wat een an deenen eenzelne Fäll maache kann an et gëtt och eng explizit Broschür zu deem Thema.

2. **Ass d'Déierestatioun och owes oder an der Nuecht op, fir den Déieren direkt kënnen ze hëllefen?**

Iwwert 90% vun den Déieren an Nout kommen op Diddeleng an der Zäit vum Abrëll bis September/Oktober, d'Fleegestatioun ass deemno vum hallwen Abrëll bis hallwe September vun 08.00 bis 20.00 Auer op an d'Leit ginn do an Empfang geholl.
Nom hallwe September, a Weekends a Feierdeeg, ass et op vun 08.00 bis 17.00 Auer.

D'Déierefleeger sinn awer an der Statioun iwwert déi Zäiten ewech do, esou laang bis all Déier versuergt ass (an nuets schlofen d'Déieren jo och dobaussen an der Natur).

No den Ëffnungszäiten oder wa kee méi an der Statioun ass, kann awer och een Déier virum Zenter zu Diddeleng an een Drop-Off (Container) gesat ginn, wat dann direkt mueres fréi gefleegt gëtt.

Zousätzlech, fir ganz Lëtzebuerg ofzedecken, ginn et nach 3 aner Drop-Off am Land (Niederfeulen, Clervaux, Junglinster) déi och 24/24 Stonnen a 7/7 Deeg zougänglech sinn. Hei kann een dat Déier an Nout hisetzen, an eng grouss Ekipp vu fräiwëllege Mataarbechter spillt dann Taxi, fir d'Déier esou schnell wéi méiglech op Diddeleng ze bréngen.

Lëtzebuerg, den 4. September 2025

(s.) Martine HANSEN

Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau